

Dem Baachs Frinn heiheem eng Chance gin

„Méi Faarf, méi Gréngs, méi Mënschlechkét“, hat en op der franséischer Televisioun gesot.

De Baachs Frinn war där Verréckterer een. Hei am Land hun se de Spunnes mat em gemaach. Mä lo war e bei de Fransousen op der Televisioun. An nawell mat e puer där Dichtegster zesummen. Wéi koum deen an dee Krees? De Buurgermeeschter huet misen nach eng Mirabell drénken, ir en d'Trap rop goug.

„Looss mer em heiheem eng Chance gin“, sot en am Schafferot, „soss baut en zu Paräis, a mir stin do wéi d'Ieselen, déi nees näischt verstanen hun.“

De Schafferot war es zefridden. „Nemo est propheta in patria“, sot den éischte Schäfte Klaus nach, deen niewebäi Latäiprofesser war. De Frinn gouf agelueden.

„Mir hätten en Eck matsen an der Stad“, sot de Buurgermeeschter, „do wëlle mer eppes Neies man, eppes Aneshtes, nët nees en Héichhaus, keng Bank, kee groë Betong, mä richteg Wunnechten, mat méi Faarf, méi Gréngs, jee, méi Mënschlechkét. Wir dat näischt fir iech?“

Da Baachs Frinn war paff, mä en huet nët nee gesot. An no e puer Méint stoung de Schafferot ronderëm d'Maquette an d'Pläng.

„Keng Fënster as wéi di aner“, sot de Frinn, „all Dir, all Stéck Fassad kritt eng aner Faarf. T kënnt keen Daach op d'Haus, mä lauter Terrassen mat Blummen a Beem drop. Eenzel Beem wuessen zu de Fënstere raus. D'Kanner kréien énnenan e grouse Spillsall; an engem anere Sall kënnen d'Awunner mate-nee poteren an e Patt drénken. A kee Makadamm ronderëm d'Gebai, mä knubbelege Pawee mat vill Gréngs a Blummen. An um Tuurm, – setzt mer duer e Schrëftsteller dran, – fladdert e flotte Fändel.“

„Dat do maachen ech nët mat“, sot den zweete Schäfte herno. Den drëtten Schäfte wollt och nach eppes grommelen, mä de Buurgermeeschter as him zevirkomm. „De Frinn as quelqu'un“, sot en, „looss mer eis nët blaméieren.“

„Dat wäert nët ausbleiwen“, krut den drëtten Schäfte awer nach duergebass, „wie geet dann an sou eppes wunnen?“

„Dat kann ech der son“, sot den zweete Schäfte, „Grénger, Alternativer, Drogéierter an där Kommunen do!“

„An e Schrëftsteller!“, huet de véierte Schäfte geknoutert.

„Do si rair nach ëmmer Meeschter“, sot de Buurgermeeschter.

De Baach's Frinn huet gebaut. Déi zwee Entrepreneuren hu wuel de Kapp gerëselt, mä

si hate jo Pläng. An d'Stad hat Suën. Deen Dag, wéi de Bau op engem grouse faarwege Panno ze gesi war, war d'Stad ze kleng. De Frinn gouf mam Buurgermeeschter – vum Schafferot war kee komm – eng Pressekonferenz. Hei elei!, D'Televisioun war och do.

Den zweeten, drëtten a véierte Schäfte behoule recht: T gouf nët nëmme vill Zodi an den Zeidongen, – déi, déi sech als éischt fir eng Wunnecht „an der Schueberfouer“ (sou haten d'Stater de Bau enzock gedeeft) gemellt hun, ware Grénger, Alternativer an eng ganz Parti Kommunen. Déi Drogéiert konnt een nët automatesch rausfannen.

De Buurgermeeschter behoul och recht, well d'Gemeng war Meeschter. Hien huet de Mixer geholl, an op een Alternativen an op all fënneft Kommun koumen dräi Beamten-, zwee Aarbechter- an ee Pensionäarsstot, an op d'mannst all drëtten Stot hat kleng Kanner. De Schrëftsteller huet missen dräi Bicher geschriwwen an eng Kéier den nationale Literaturpräis kritt hun. Iwwer déi rofgedrëckte Wunnéngspräisser as gemauschelt gin.

De Bau goug séier virun a krut Faarf. Biergerinitiativen dergéint si keng gegrennt gin, well 't war keng richteg Upak do. De Baachs Frinn war a séngem Element an huet fir d'éischt no zwanzeg Joër mam Gedanke gespilt, fir awer nët auszewandern.

De Buurgermeeschter wollt d'Haus „Résidence Verte“ deefen, mä de Frinn huet sech op „Pimpampel“ verstäipt, an dobäi blouf et och.

Zwee Joër méi spéit gouf an d'„Schueberfouer“ agezunn, an 't gouf e richteg Aweiongsfest. Eng sechsdausend Leit koumen aus der Stad a vum Land an hun d'Haus besicht. Um Glacis, där aler Schueberfouerplaz, stoungen aacht Bussen aus dem Eissléck a véier vun Tréier. T gouf e wéineg Knascht, en etlech Saachen, och e puer Blummestäck, ware geklaut gin, mä „dat geet och riwwer“, sot de Buurgermeeschter zu de „Schueberfouer“-Leit.

Si hun him gegléift. An domat haten se sech, zesumme mam Buurgermeeschter, geiirt. D'Zeidongen, de Radio an d'Televisioun hun lo de Frinn an den Himmel gehuewen a sou flott Reportage fäerdegbruecht, datt um Glacis geschwënn all Dag eng zéng Bussen houlen.

Vu mueres néng Auer un, bis owes siwen stoungen Dag fir Dag, samschdes a sonndes nach méi, eng fënnefhonnert Leit do, d'Haus ze bekucken an ze fotografieren. Déi meecht hun sech geiergert, datt et verbuede war, fir ranzegen.

D'Awunner vun der „Schueberfouer“ waren nët grad glécklech iwwer hiren Attraktiounswäert, mä déi éischt Reklamatioune koume vun de Noperen. Zevill Touriste wollten op deenen hiren éischten oder zweete Balkon, fir Fotoën ze man, an deen een oder aneren huet niewebäi gefrot, fir dierfen op d'Toilette ze gon.

Wuel as di kleng Epicerie um Eck op eemol nees immens gaangen, och den Zigrettebuttéck niewendrun, mä 't gouf zevill op den Trottoire geparkt. Sechs Wochen no der Aweiong huet een de ganzen Dag iwwer ee Polizist an dräi Pecherte gezielt.

Den Direkter vum Verschéinerungsveräin hat de „Pimpampel“ a säi Stadprospekt opgeholl an als eent vun deene Gebaier bezeecht, dat een onbedéngt misst gesinn hun. Wéi de Buurgermeeschter d'Ufro vun engem Frittebudebesëtzer krut, fir vis-à-vis vum „Pimpampel“ e „fast food“ opzeman, huet en dem Verschéinerungsveräinsdirekter geschriwwen, de „Pimpampel“ am nächste Prospekt ze vergiessen. Zoufälleg hat de Schrëftsteller aus dem Tuurm, deen en Hauskomitee gegrennt hat an do Präsident war, him deeselwechten Dag geschriwwen, e misst den Touristen op d'mannst d'Spektive verbidden.

D'Joër dropp huet de Gemengerot e Parking nieft dem „Pimpampel“ gefuedert; mat Toiletten! De Buurgermeeschter, deen sech am Wanter um Pimpampelpawee de lénkse Fouss verstaucht hat, huet gemengt, 't kënnt ee bei där Geleënheet awer vläicht Makadamm ronderëm virgesinn an de Pawee nees rausrappen.


De Baachs Frinn huet nët protestéiert. Hie stoung e puermol d'Woch matsen énnert den Touristen an huet d'Iddi, an d'Ausland ze gon, nët méi sou wäit wechgehäit.

„Dorun hat ech nët geduecht“, sot en zum Buurgermeeschter, deen enges Daags am Gewulls niewend em stoung.

„Mer wollten Iech awer är Chance heiheem gin“, sot deen.

josy braun

Illustration: Moritz Ney



BARBARA'S
MILCHBAR
Limo Schokolade
Milch-Shakes

Zimmer
2
1957